


# POLLY MORBID 5:

## The Adventures of Omi!




Néierens, well dee wisst de Leit tèscht den Zéiwen, zënter enges Moies am September de Reakter 3 vu Cattenom net explodéiert ass.

Just den Hoffmann-Spill huet nach op.

Virun der Dier steet dat selwecht Karussell mat de Schoulsäck, wat sech zënter Joerzénge am Rhythmus vun de Joreszäiten dréint. Schoulsäck brauch een ëmmer, dat ass normal, d'Kanner paken en all Dag voll a wann e voll ass, da brauchen se den Dag drop schonn en neien. Neierdénge ass esouguer d'Iddi opkomm, am Sënn vun der Effizienz, einfach direkt d'Schoulsäck an d'Schoul ze schécken.



A WOU KEEFT EEN DE MOKUCH?



Den Hoffmann-Spill huet zwar keng Tupperwareskëscht an der Omi hirer Gréisst op Lager, mee hie schéckt dem Fournisseur einfach e Fax an d'Joer 1989. Well dat wat de Hoffmann-Spill net huet, dat kann den Hoffmann-Spill bestellen. Hien ass spezialiséiert op all déi Saachen, déi et net méi ginn. Dat sinn nämlech déi, déi engem am meeschte feelen.

Neen, hei kann een noutfalls och mat gliese Jicke bezuelen. Wann een se de richtege Wee géint d'Luucht hält, da spigelt sech an hinnen d'ganz Welt, awer nëmmen op der Kopp.